Les Peaux - Rouges
Scouten/Guiden
Diddeleng

B.P. 190 | L-3402 DUDELANGE
www.lespeauxrouges.lu | Téléphone + Téléfax : 52 26 86 | lespeauxrouges@hotmail.com

Diddeléng, den 1. Juli 2017

DEN JEAN-JACQUES DIDERICH

Zu Diddeleng den 5. Februar 1911 gebuer, koum den Armand Jean-Jacques DIDERICH deen awer ëmmer nëmmen Jean-Jacques geruff gouf an sech selwer "den laangen Sioux" genannt huet an den zwanzeger Joeren vum leschten Joerhonnert bei d'Peaux-Rouges an vun do un war hien an eise Reien an sollt fir ëmmer bleiwen.

Während deenen ongeféier 65 Joer wou hien Member wor huet hien all méiglech Chef-Funktiounen bekleet. Vun 1978 bis 1984 war hien Sekretär an vun 1979 bis 1984 och President vun eisem Comité fir duerno nach vun 1984 bis 1989 Vize-President ze bleiwen. Ouni dass hien an den batteren Joeren vun 1979 bis 1984, wou den Groupe um Buedem loung, d' Fakel nach héich gehalen hätt wier den Iwwergank zou deem Moment wou d' Peaux-Rouges 1984 wéi Phönix aus der Asche koumen nett méiglech gewiescht an mir sinn haut ganz stolz doropper.

An den schlëmmen Joeren vum zweeten Weltkrich war den Jean-Jacques wéinst Resistenz vun den Nazien an den KZ op Buchenwald déportéiert ginn an mat vill Plo an Méi koum hien einegermoossen gesond Heem. Zesummen mat sengem Brudder François wor hien ëmmer en Häerzsteck vun eisem Grupp an huet ni opginn.

Berufflech wor hien zäitliewens Ingenieur op der Diddelenger Schmelz. Bestuet wor den Jean-Jacques mam Marguerite LORANG a Papp vun zwee Jongen, Paul an François, an engem Meedchen, dem Jeannine. Leider huet hien eis den 15. August 1992 fir ëmmer verlooss. Hien wär haut bestëmmt extra houfreg fir säin Grupp erëm esou staark ze gesinn.

****